MÄERTERT-WAASSERBËLLEG

Commune de MERTERT

# télévie

PROGRAMM

## Centre de promesses Waasserbëlleg

## Groussen Télévie-Dag

# 20. Abrëll 2024

PRÉFACE



Jérôme Laurent
Buergermeeschter

# Solidaritéit a schwieregen Zäiten

Als Gemengeresponsabel si mir frou, dass mir no 2006 nees ee vun de 4 “Centre de Promesses” zu Lëtzebuerg sinn.

Ee grousse Merci geet un den Organisatiounscomité vun eisem “Centre de Promesses”, den a kierzester Zäit mat vill Asaz ee flotte Programm op d’Bee gestallt huet.

D’Solidaritéit ass grouss bei de Mënschen, fir och a méi schwéieren Zäiten, hire Bäitrag ze leeschten an ze spende fir d’Fuerschung vun enger vun de schlëmmste Krankheeten – de Kriibs – weider virun ze dreiwen. Kriibs ass eng vun den heefegsten Doudesursaachen weltwäit an d’Fuerschung ass entscheedend fir besser Behandlungen ze fannen, d’Diagnos ze verbesseren a schlussendlech Heelungsméiglechkeeten ze entwéckelen.

Dofir solle mir All, eise Bäitrag leeschten. Et ka jiddereen treffen an dann ass ee frou, wann et eng Aussicht op Heelung gëtt.

Als Gemengeresponsabel soe mir Merci un d’Privatleit déi gespent hunn an d’Bereetschaft vun de Veräiner, den Erléis vu Manifestatioune, déi se organiséieren, ze spenden. Och d’Betriber hu sech et net huele gelooss, sief et duerch materiell Ënnerstëtzungen oder finanziell, d’Spendenaktioun ze ënnerstëtzen.

E weidere Merci geet un déi vill Benevollen déi sech bereet erkläert hunn, um offizielle Spendendag an eisem “Centre de Promesses” zu Waasserbëlleg eng Hand mat unzepaken. An dëser Brochure gesitt dir, wat samschdes, den 20. Abrëll beim “Centre Culturel” zu Waasserbëlleg Alles gebuede gëtt. Ouni d’Hëllef vun de Benevollen, wär dat net méiglech.

*Merci !*

Als Gemeng beweise mir, wéi schonn sou oft, dass mir bereet sinn unzepaken an eise Bäitrag ze leeschten. *Mir hoffen iech den Dag och zu Waasserbëlleg begréissen ze dierfen.*



Diane Wunsch
Coordinatrice Télévie Lëtzebuerg

Léif Benevollen,

Leider ass de Kriibs nach ëmmer eng ganz schlëmm Krankheet, déi jidderee vun ons kann onerwaart treffen. Fir grad dëse Mënschen ze hëllefen, déi all Dag géint dës grausam Krankheet kämpfen an déi ganz besonnesch ons Opmierksamkeet brauchen, solle mir hinnen duerch eisen Asaz, Hoffnung schenken.

De Compteur vum leschte Joer huet an der Ofschloss Sendung de Montant vun 1.639.570,00 € ugewisen. Ech war esou dankbar a glécklech dass mir, trotz deene grausamen internationalen Nouvellë vun 2023, dës enorm Zomm gespent kruten. Wann ech zeréck denken, war am Februar dat schrecklecht Äerdbiewen an der Tierkei an a Syrien, an net ze vergiessen, den unhalende Krich an der Ukrain! Ganz vill Leit hunn och do gespent an ënnerstëtzen awer dobäi ëmmer den Télévie. Ech kann Iech dofir net oft genuch Merci soen.

Dës Zomm ass un déi Kriibs-Projete verdeelt ginn, déi an der Commission Scientifique Internationale gewielt an zeréckbehale gi waren. Fir Lëtzebuerg sinn an dëser Kommissioun d’ Doktere Mario Dicato a Guy Berchem vertrueden. Déi Don’en déi hei zu Lëtzebuerg gesammelt ginn, ginn un d’ Laboe vun der Recherche géint de Kriibs hei zu Lëtzebuerg. D’ Publikatioun vun dësen 10 Projete kënnt Dir um Site www.televie.lu ënnert der Rubrik “Publikatiounen” noliesen. Nëmmen esou kann d’Recherche hei zu Lëtzebuerg, also duerch Är Spenden, weidergoen.

Elo sti mir erëm kuerz virun der grousser Télévie Soirée a mir kënnen dëst Joer op d’Ënnerstëtzung vun de Centres de Promesses aus de Gemengen Habscht, Noumer a Mäertert/Waasserbëlleg an natierlech dem Centre de Promesses Permanent Rodange zielen. De lescht genannten Zenter ënnerstëtzt ons elo schonn iwwer 20 Joer, an dofir soen ech Iech villmools Merci a grousse Respekt un Iech all.

Mir ginn alleguer onst Bescht fir dass, duerch d’Fuerschung, all déi betraffe Leit de Kampf géint dës fuerchtbar Krankheet gewannen. Wat mir immens vill bedeit, ass dass an all dëser viller benevoller Aarbecht, keen de Sënn an Zweck vum Télévie vergësst. Jidderee vun ons ass gefrot, a jidderee kann säin Deel bei der Lutte géint de Kriibs bäidroen.

Ech wënsche mir vun Häerzen dass Dir alleguer gesond bleift, a fir déi déi am Moment géint des Krankheet kämpfen, Iech wënschen ech dass Dir erëm ganz schnell gesond gitt! Dir gitt net op, a mir och net. Mir sammele weider mat vill Energie an Häerzblutt Don’en fir de groussen Télévie-Dag.

Dat ganzt Joer iwwer sinn ech iwwerall esou léif an häerzlech empfaange ginn. Ech soen Iech dofir e ganz grousse Merci! Merci fir Ären onermiddlechen Asaz ! Ech wënschen Iech ganz vill Succès a mir gesinn ons mat ville Membere vun der Fondatioun Kiwanis, den 20. Abrëll 2024 an Ärem Centre de Promesses.

# PRÉFACE



**Prof. Guy Berchem**
MD, PhD

Och dëst Joer erëm ass den Télévie d' Geleeënheet fir iech all e grousse Merci ze soen fir är Méi an är Aarbecht déi dir dëser Aktioun consacréiert. Wéi dir wësst, kéinten ons Laboen hei zu Lëtzebuerg bei wäitem net dat leeschten, wann den Télévie, wann dir net do wäert. Dofir géif ech gär an e puer Wuert drop agoen wéi déi Suen gebraucht ginn.

Fir d' éischt ginn d' Suen um Kont vun der Fondatioun Kiwanis hei zu Lëtzebuerg gesammelt, da kommen se mat deene Belsche Suen zesummen op e Kont vum Fonds National de la Recherche Scientifique zu Bréissel. Dann ginn am ganze Land vun onsen **„Recherche Équipen"** Projete geschriwwen, déi dann mat deene belsche Projeten zesummen an enger Kommissioun vun internationalen (USA, Frankräich, Däitschland, Belsch etc) Experten ënnersicht ginn. An dëser Kommissioun ass Lëtzebuerg duerch de Prof. Dr. Mario Dicato an mech vertrueden. Déi beschte Projeten ginn dann erausgewielt, an et ginn nëmmen Lëtzebuergesch Projeten mat Lëtzebuergeschen Suen bezuelt, an all Lëtzebuergesch Suen kommen esou erëm an d' Land zeréck.

Hei zu Lëtzebuerg maachen ons Équipen dann Recherche mat dëse Suen a publizéieren hier Recherchen an internationalen Zäitschrëften. Dat sinn der an der Moyenne eng 20-30 d'Joer déi mat Fongen vum Télévie esou entstanen sinn. D' Sujeten op deene mer schaffen geet vun der Leukämie bis zum Haut Kriibs, a Broscht a Longe Kriibs net ze vergiessen.

An deene leschte Joren konnte mir duerch den Télévie, a villen Kriibs Zorten Recherche maachen, an och an der Immuntherapie ass et duerch den Télévie zu ganz gudde Publikatiounen komm, dat am Kriibs vun de Kanner mee och deenen Erwuessenen.

Ech wëll awer nach eng Kéier betounen dass dat Alles ouni Är Méi an Är Hëllef net méiglech wier an duerfir soen ech Iech alleguer am Numm vun alle Chercheuren villmools Merci.



**Nadine Lang-Boever**
Präsidentin Centre de Promesses Waasserbëlleg

Et ass mir een grouss Éier Präsidentin vum Centre de promesses Waasserbëlleg ze sinn.

Een Gesellschaft ouni Solidaritéit ass wéi en Orchester ouni Harmonie, e Bouch ouni Wierder, e Gaart ouni Bloumen, onvirstellbar. Wäerter wéi Toleranz, Éierlechkeet, Hëllefsbereetschaft a Solidaritéit si Piliere vun iisem Zesummeliewen. Iis Gemeen huet an deene letzte Méint hier Solidaritéit bewisen. Vill Veräiner hunn hier Manifestatiounen ënnert de Motto vum Télévie gestallt, vill nei Evenementer goufe geplangt fir esou vill Geld fir de gouden Zweck ze sammelen. Vill Hausdéiere goufen op Leinwand gemoolt a fir ëmmer veréiwegt a festgehalen an dëst mat engem enorme Succès.

Dat Ganzt krut eng onbeschreiflech Dynamik an et huet ee gespiert dass vill Leit onbedéngt eppes wollten zum Erfolleg vun dëser Aktioun bäidroen. Sief dat als Benevole, als Donateur oder als Organisateur vun enger Manifestatioun, Jidderee wollt an huet säi Beitrag geleescht.

Vill ze vill Leit stierwen hautdesdaags ëmmer nach u Kriibs, an dofir ass a bleift d'Fuerschung immens wichteg awer ouni Geld keng Fuerschung, ouni Fuerschung keng nei Medikamenter oder Therapien an ouni dat alles keng Hoffnung fir d'Kriibspatienten an hier Familllen.

Dofir gitt der Hoffnung eng Chance an ënnerstëtzt den Télévie.

E flotten an ofwiesslungsräiche Programm erwaart eech den 20. Abrëll 2024 zu Waasserbëlleg. Dofir kommt bis bei iis a feiert mat iis en onvergiesslechen Dag am Numm vun der Solidaritéit.

Merci all de Memberen aus dem Organisatiounscomité, dem Mireille, Samantha, Nicole, Frenz an dem Marc, dem Buergermeeschter Jérôme Laurent an dem ganzen administrativen an technesche Service vun der Gemeen.

E grousse Merci all de Benevollen déi eis den 20. Abrëll ënnerstëtzen.

Et war eng flott an intensiv Zäit ouni eech all wär dëst alles net méiglech gewiescht.

Zum Schluss e grousse ***MERCI*** un Iech alleguer fir är Generositéit!

# PROGRAMM

| Wéini | Wou | Manifestatioun |
|---|---|---|
| 7h45 | Bühn Ale Schoulhaff | RTL Scheckiwwerreechung |
| 9h00-10h30 | Parking Kiss and Go | Moto Club Kayldall (+- 150 Motorradfuerer) |
| 9h00-19h15 | Kapell | Plooschterprojet „Gitt Stammzellespender – rett e Liewen“ |
| 9h00-16h00 | Ale Schoulhaff | Gravolux, personaliséiert Häerzer |
| 10h00-10h15 | Parking Centre culturel | DHL Télévie Tour (+- 75 Vëlofuerer) |
| 10h15-10h45 | Bühn Ale Schoulhaff | De sangende Portier aus der neier Schoul „evetsschaparr“ |
| 10h45 | Bühn Ale Schoulhaff | RTL Scheckiwwerreechung |
| 11h00-11h30 | Parking Kiss and Go | Übung Jugendpompjeeën |
| 11h15-12h15 | Ale Schoulhaff | Show cooking mam Bistro Quai - Joël Schaeffer |
| 11h30-12h00 | Bühn Ale Schoulhaff | Sauerquakerten (Kannerchouer vu Rouspert) |
| 11h45 | Ale Schoulhaff | Télévie-Kiwanis Bus mam Diane Wunsch an Invitéeën |
| 12h15-12h45 | Bühn Ale Schoulhaff | De sangende Portier aus der neier Schoul „evetsschaparr“ |
| 13h00-13h45 | Bühn Ale Schoulhaff | Moselle Valley Brass Band |
| 13h30-14h00 | Parking Kiss and Go | Übung Jugendpompjeeën |
| 13h45-14h15 | Bühn Ale Schoulhaff | Spirit of The Highlands Pipes and Drums |

| Wéini | Wou | Manifestatioun |
|---|---|---|
| 14h00-15h00 | Ale Schoulhaff | Show cooking mam Bistro Quai - Joël Schaeffer |
| 14h15 | Bühn Ale Schoulhaff | RTL Scheckiwwerreechung |
| 14h45 | Bühn Ale Schoulhaff | Spirit of The Highlands Pipes and Drums |
| 15h15 | Bühn Ale Schoulhaff | Moselle Valley Brass Band |
| Tëschent 15h30-17h00 | Bühn Ale Schoulhaff | LSC Luxembourg Song Contest 2024 |
| 15h45 | Bühn Ale Schoulhaff | Spirit of The Highlands Pipes and Drums |
| 16h00-18h00 | Parking Kiss and Go | Mazda „MX-5 Club Lëtzebuerg“ |
| 16h00-16h30 | Sportshal | Optrëtt Zumba Kids vun TopFit |
| 16h30-17h30 | Sportshal | Dream Team 2.0 Fussball versus Dream Team Waasserbëlleg |
| 16h30-17h15 | Bühn Ale Schoulhaff | Portugisesch Folkloregrupp Os Minhotos de Echternach |
| 17h15 | Bühn Ale Schoulhaff | RTL Scheckiwwerreechung |
| 17h30-19h15 | Ale Schoulhaff | Saxitude |
| 19h00 | Bei der Sportshal | Offiziell Präsentatioun vum Graffiti |
| 19h15 | Bühn Ale Schoulhaff | Grouss Scheckiwwerreechung live op RTL |
| 19h45-22h00 | Ale Schoulhaff | geSTRËPPs |

# MANIFESTATIOUNEN

# ANIMATIOUN

| Wéini | Animatioun am Centre culturel |
|---|---|
| Ab 9h00 | Grouss Lego-Zuch-Maquette & Lego Concours fir Grouss a Kleng AFOL.lu ASBL |
| Ab 10h00 | Sandbillermolen fir Kanner mam El Hadji |
| | Virféierung vu Ballone vun RC BALLOON |
| Ab 14h30 | Face Painting mam Yolande a mam Tanja |

| Wéini | Animatioun virum Centre culturel |
|---|---|
| Ab 10h00 | Grousst Sprangschlass vum CIMW Määrtert |
| | Schachspillen mam Schach Club Määrtert-Waasserbëlleg |

| Wéini | Animatioun am ale Schoulhaff |
|---|---|
| Ab 10h00 | Pétanque op der Spillplaz mat de Méckenzieler |

| Wéini | Animatioun bei der Sportshal |
|---|---|
| Ab 11h00 | Graffiti fir Kanner mam „It was not Me“ (André Scholtes) |

| Wéini | Animatioun an der Sportshal |
|---|---|
| Ab 16h00 | Zumba Kids vun TopFit |
| Ab 16h30 | Fussballmatch Dreamteam Télévie versus Dreamteam Waasserbëlleg |

# VILLAGE

## FOOD AND BEVERAGE VILLAGE

| | |
|---|---|
| Ab 6h45 | Kaffi, Croissants & Bréidercher |
| Ab 7h30 | Iessen an Drénken op verschidde Stänn |
| **Eisekuch** | Miseler Spatzen |
| **Kaffi & Bréidercher & Kuch** | Fraen a Mammen & Jeunes Mamans Waasserbëlleg |
| **Iessstand** | ADACP (Ass. d'activ. cult. Portugaises de Wasserbillig) |
| **Hamburger & Veggieburger** | Show cooking mam Bistro Quai - Joël Schaeffer |
| **Smoothie Bar** | Kinésithérapie Effect Robin Schuhmann |
| **Schampes Bar** | Ladies Circle |
| **Aperitif Bar** | Noperschaftschaoten |
| **Gedrénksstänn** | TopFit Waasserbëlleg, B.B.C. East-Side Pirates |
| | Tennis Club Määrtert-Waasserbëlleg |

## HIGHLIGHTS

Têschent 15h30 an 17h00
Optrëtt vun de Gewënner vum **LSC LUXEMBOURG SONG CONTEST 2024**
Méiglechkeet fir e Fotoshooting mat de Finalisten vum LSC.

19h00 Offiziell Präsentatioun vum Graffiti live op RTL Télé Lëtzebuerg
19h15 Grouss Scheckiwwerreechung live op RTL Télé Lëtzebuerg








## TÉLÉVIE-HÄERZ

télévie

Vun 9h00 bis 16h00 kënnt dir ären Numm op en Häerz gravéiere loossen an un eist grousst Télévie-Häerz ophänken. Dëst Télévie-Häerz kritt duerno eng extra Plaz an der Gemeng als Erënnerung un den Télévie Centre de promesses Waaserbëlleg 2024.

# PLANG




B (Bühn) Z (Zelt) G (Gedrénks) I (Iessen) S (Sprangschlass) C (Keess) RTL SM (Smoothie) Gravolux K (Killwon)

CENTRE DE PROMESSES WAASSERBËLLEG

MÄERTERT-WAASSERBËLLEG

Commune de MERTERT

# télévie

**Ab 10:00 Auer bis 18:00 Auer** fiert eng **gratis Navette** am Stonnentakt tëschent dem Parking Rond Point Mäertert an dem Centre Culturel Waasserbëlleg.

Gitt der Hoffnung eng Chance a maacht mat beim Télévie. Dir kënnt zu all Moment ären Don maachen, dir braucht just den **QR-Code** mam Handy ze scannen oder iwwerweisen op de Kont vum „Centre de promesses Waasserbëlleg“ **LU85 0019 7455 9762 9000**.

Dëst Event steet ganz ënnert dem Motto:

## CASH to CASHLESS
### Paiement mat SERVIPAY

